N°1119
Entrée le 21.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Jugendhaus zu Péiteng gouf viru Kuerzem eng Tombola gemaach, woubäi Bongen, mee och Spillkonsole verspillt goufen. D'Missioun vun engem Jugendhaus ass et u sech, fir sozio-edukativ a kulturell Aktivitéiten op engem gemeinsamen Treffpunkt fir Jonker unzebidden. Esou steet et Mol an der Statute vun der ASBL vu Jugendhaus geschriwwen. Iwwerdeems gëtt d'Jugendhaus finanziell vum Ministère fir Bildung a Jugend subventionéiert. Et ass dofir duerchaus der Wäert sech d'Fro ze stellen, ob d'Organisatioun vu Glécksspiller dëser Missioun gerecht gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wat denkt de Minister doriwwer, dass eng ASBL, déi Jonke sozio-edukativ a kulturell Aktivitéiten zouféiere soll, hir Ressourcen (an domadder och déi vu staatleche Subventiounen) benotzt, fir Glécksspiller z'organiséieren? Ënnerstëtzt de Minister dës Aktivitéiten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten